



COMMUNE DE  
**Strassen**


# **EIS GEMENG**

De Magazin vu Stroossen



**Abrëll / Mee 2022**

**N° 7**



PacteClimat | EUROPEAN  
ENERGY  
AWARD  
Ma commune s'engage pour le climat

# SOMMAIRE

<b>ÉDITO</b>	<b>04</b>
<b>VIE POLITIQUE</b>	<b>06</b>
Gemengerotssätzungen / Séances du conseil communal / Municipal council meetings	07
<b>VIE SOCIALE</b>	<b>09</b>
Réckbléck	10
Stroossen engagéiert sech fir d'Ukrain	15
D'Gemeng stellt sech vir	19
Sech géigesäiteg hëllef an ënnerstëtzen zu Stroossen	20
Marche gourmande	22
Écrivain public / Public Writer / Öffentliche Schreibstelle	23
Club Senior	24
Quartiersfest / Fête de quartier / Neighbourhood Event	26
Mois du Don	27
Stroossen 100%	29
Kids'Corner	33
Café de Babel	36
Maart zu Stroossen	37
<b>ÉDUCATION</b>	<b>39</b>
Summeraktivitéiten - Moniteure gesicht	40
Maison Relais	41
<b>ENVIRONNEMENT</b>	<b>45</b>
Naturpakt / Pacte Nature / Nature Pact	46
Repair Café Stroossen	48
<b>CULTURE</b>	<b>54</b>
Exposition de Dany Blasen	55
Biennale d'art contemporain	56
Chinese New Year	57
<b>ASSOCIATIONS LOCALES</b>	<b>58</b>
Volleyball Club Stroossen	59
Marche parrainée - Elterevereinigung Stroossen	62
NSL goes Nordic Walking again	63
Karate Stroossen	64
<b>CITOYENNETÉ</b>	<b>65</b>
Newsletter	66
Formulaires	67
• Allocation de vie chère	
• Quartiersfest	
<b>AGENDA</b>	<b>71</b>



## Nico Pundel

Buergermeeschter | *Bourgmestre* | Mayor

**LU** | Léif Stroossener Bierger:innen,

U sech wollt ech lech elo e freedege Message schreiwen, datt d'Fréijoer ukomm ass, mir erëm mat eisen Aktivitéiten ufänke kënnen an eis freeën, eis erëmzegesinn. Eist Buergebrennen, op deem esou vill Leit wéi nach ni waren, huet eis gewisen, datt mir de Besoin hunn, erëm erauszegoen. Mir hunn och e flotte Programm mat Aktivitéite fir déi nächst Wochen op d'Bee gestalt.

Mee an deem Moment, wou ech dës Wieder schreiwen, ass an der Ukrain e Krich amgaangen, sou wéi Lëtzebuerg e virun 80 Joer kannt huet.

All eis Gemengeservicer schaffen um Accueil vun de Flüchtlingen, déi zu Stroossen lieue wäerten. Et sinn der scho vill hei an et kommen nach andauernd Leit aus dem Krichsgebitt zu Stroossen un. Vill Frae mat Kanner sinn derbäi. D'Solidaritéit ass immens grouss a jidderee vun lech wëll mathëllefen, wat ganz flott ass.

Den. 10. Mäerz huet d'**Ukrainescht Haus Stroossen** seng Dieren op-gemaach. Et ass e Centre de rencontre wou d'Ukrainer:innen sech kënnen austauschen, zesumme kënnen Zäit verbréngen, a wa si wëllen, un Aktivitéite kënnen deel-huelen.

Et ass ganz wichteg, datt si iwwert déi lescht Noriichten aus der Ukrain schwätze kënnen, mee awer och hir Problemer hei zu Lëtzebuerg mat der Schoul, der medezinescher Verfleegung, den Umeldungen, asw. kënne léisen.

D'Gemeng wäert ëmmer nees Opriff maache wa mir Hëllef brauchen, wéi zum Beispill wa mir Kleeder, Vëloen, asw. sichen.

Mir wëssen, datt Dir eis all dobäi gutt ënnerstëtze wäert an ech soen lech dofir elo schonn e grouse Merci!

**FR** | *Chers citoyens, chères citoyennes de Strassen,*

*Je comptais vous écrire un message joyeux au sujet du retour du printemps, de la reprise de nos activités et du plaisir de nous revoir. Notre « Buergebrennen » (fête des brandons), qui fut un succès de fréquentation, a démontré notre besoin de sortir à nouveau. Nous avons mis sur pied un beau programme d'activités pour les prochaines semaines.*

*Malheureusement, au moment où je vous écris ces mots, une guerre a lieu en Ukraine, comme ce fut le cas pour le Luxembourg 80 ans auparavant.*

*Tous nos services communaux s'activent pour accueillir les réfugiés qui vont vivre à Strassen. Il y en a déjà beaucoup et de nouvelles personnes arrivent régulièrement du territoire en guerre. Parmi elles, on compte de nombreuses femmes avec enfants. Un immense élan de solidarité s'est mis en place et cha-*





*cun de vous veut y participer, ce qui fait vraiment chaud au cœur.*

*L'« **Ukrainescht Haus Stroossen** » (Maison de l'Ukraine de Strassen) a ouvert ses portes le 10 mars. Il s'agit d'un centre de rencontre où les Ukrainiens et les Ukrainiennes peuvent s'échanger, passer du temps ensemble et prendre part à des activités s'ils le souhaitent.*

*Il est essentiel que ces personnes puissent discuter des dernières nouvelles de l'Ukraine, mais aussi trouver des solutions à leurs problèmes ici au Luxembourg concernant le système scolaire, les soins médicaux, les enregistrements, etc.*

*La commune fera de nouveaux appels au public lorsqu'il y aura besoin d'aide pour trouver par exemple des vêtements, des vélos, etc.*

*Nous savons que nous pourrons compter sur votre soutien et nous vous en remercions vivement d'avance.*

**EN |** Dear citizens of Strassen,

Normally, I would have wanted to write you a happy message here about the arrival of spring and the fact that we could look forward to starting our activities again and spending time with each other. Our traditional castle burning (Buergebrennen) had more people than ever, which showed how much all of us want to go out again. We have also set up a nice program with activities for the upcoming weeks.

However, as I write these words a war is raging in Ukraine, just like it was in Luxembourg some 80 years ago.

All our municipal services are working on the support for refugees who will be living in Strassen. Many are already here, and more people are constantly arriving from the theatre of war. Many of them are women with children. The solidarity has been immense and all of you want to help, which is heart-warming.

On 10 March, the **Ukrainian House of Strassen** opened its doors. It is a meeting centre where the Ukrainians can exchange experiences, spend time together and, if they want to, take part in activities.

It is very important that they can talk about the most recent news from Ukraine, but also about how to solve potential problems here in Luxembourg when it comes to school, medical assistance, registrations, etc.

The municipality will repeatedly be making public calls for help, whenever we need help with something like finding clothes, bicycles or similar.

We know that you will greatly support us in this, and I would like to say a big thank you for that already now!

# VIE POLITIQUE



*Vu lénks no riets / De gauche à droite / From left to right:  
François Gleis (CSV), Claire Remmy (déi Gréng), Victoria El Khoury (LSAP), Laurent Glesener (DP),  
Betty Welter-Gaul (LSAP), Marc Fischer (DP), Nico Pundel (CSV), Jean Claude Roob (LSAP),  
Paul Klensch (LSAP), Maryse Bestgen-Martin (Déi Gréng), Léandre Kandel (DP),  
Martine Dieschburg-Nickels (DP), Jean-Marie Dürrer (CSV)*

## Gemengerotssätzungen / Séances du conseil communal / Municipal council meetings

*Déi wichtegst Decisiounen aus deene leschte Gemengerotssätzungen*

*Décisions importantes des dernières séances du conseil communal*

*Important decisions of the last municipal council meetings*

**Gemengerotssätzung vum 26. Januar 2022 / Séance du conseil communal du 26 janvier 2022 /**

**Meeting of the municipal council on 26 January 2022**

### **LU | Approbatioun vun engem Compromis de vente**

Ee Compromis de Vente fir d'Uschaffung vu Parzellen an de Märeler Wisen gouf eestëmmeg ugeholl. Et handelt sech ëm 139,3 Ar zu 35.000 € den Ar, wat en Total vu 4.875.500 € mécht.

### **Approbatioun vun der initialer Konventioun vum Pacte Logement 2.0**

D'Konventioun vum Pacte Logement 2.0. gouf eestëmmeg ugeholl. Eng Kommissioun „Grands Projets“ gëtt geplangt, wou déi extern Experte genee Explikatiounen zu dësem Pacte solle ginn, dee sech däitlech vum Pacte Logement 1.0 ënnerscheet.

### **Adoptioun vun engem Kontrakt am Kader vun der „Mobilité FLEX“**

Am Kader vun der „Mobilité FLEX“ gëtt de Kontrakt fir déi 2 thermesch Autoen an der Cité Pescher eestëmmeg adoptéiert. An enger Testphas iwwer 6 Méint, déi gratis war, huet sech erausgestallt, dass déi 2 Autoen zwar manner genotzt gi wéi déi zwee beim Centre Barblé, trotzdem lount et sech fir e Kontrakt ze maachen. Et gëtt driwwer nogeduecht, ee vun deenen 2 Autoen op eng aner Plaz an der Uertschaft ze stellen an zousätzlech nach eng Camionnette zur Verfügung ze stellen.

### **Presentatioun vun engem Konventiounsprojet mat der Asbl Initiativ Liewensufank**

D'Schäffen Betty Welter-Gaul huet e Konventiounsprojet fir de Service BabyPLUS vun der Asbl Initiativ Liewensufank presentéiert. Dëst ass e Service, wou geschoult Personal während der Schwangerschaft a während dem 1. Liewensjoer vum Puppelche bei déi jonk Familljen heemkënnt fir si ze beroden a wann et néideg ass, si ze ënnerstëtzen.

### **FR | Approbation d'un compromis de vente**

*Un compromis de vente pour l'acquisition de parcelles dans les « Märeler Wisen » a été approuvé à l'unanime. Il s'agit de 139,3 ares au prix de 35.000 € l'are, ce qui fait un total de 4.875.500 €*

### **Approbation de la convention initiale Pacte Logement 2.0**

*La convention du Pacte Logement 2.0 a été approuvée unanimement. Une commission « grands projets » sera planifiée pour entendre les explications exactes des experts sur ce pacte, puisqu'il diffère largement du Pacte Logement 1.0.*

### **Adoption d'un contrat dans le cadre de la « mobilité « FLEX »**

*Dans le cadre de la « mobilité FLEX », le contrat pour les 2 voitures thermiques, stationnées dans la Cité Pescher, a été adopté à l'unanime. Durant une phase test gratuite de*

*6 mois, il s'est avéré que ces 2 voitures étaient utilisées moins souvent que celles stationnées près du Centre culturel Paul Barblé. Néanmoins ça vaut la peine de poursuivre le contrat. Le collège échevinal envisage de déplacer une voiture à un autre endroit dans la localité et de compléter l'offre avec une camionnette.*

### **Présentation d'un projet de convention avec l'association sans but lucratif « Initiativ Liewensufank »**

*L'échevin Betty Welter-Gaul a présenté le projet de convention pour le service BabyPLUS de l'asbl « Initiativ Liewensufank ». Ceci est un service où du personnel professionnel vient visiter les familles durant la grossesse et jusqu'à l'âge de 1 an du bébé, pour conseiller et soutenir les jeunes parents en cas de besoin.*

### **EN | Approval of a purchase agreement**

A sale compromise for the acquisition of plots in the 'Märeler Wisen' was unanimously approved. It concerns 139.3 are at a price of €35,000 per are, which makes a total of €4,875,500

### **Approval of the initial Pacte Logement 2.0 agreement**

The Pacte Logement 2.0 agreement was unanimously approved. A 'Grands Projets' (major projects) commission will be scheduled to



hear the exact explanations of the experts on this pact, as it differs greatly from Pacte Logement 1.0.

### **Adoption of a contract in the framework of "FLEX mobility"**

In the framework of "FLEX mobility", the contract for the 2 thermal cars, parked in the Cité Pescher, was unanimously approved. During a free 6-month test phase, it turned out that these 2 cars were used less often than those parked near the Paul

Barblé cultural centre. Nevertheless, it is worth continuing the contract. The College of Aldermen is considering moving one car to another location in the municipality and completing the offer with a van.

### **Presentation of a draft agreement with the non-profit association 'Initiativ Liewensufank'**

Alderman Betty Welter-Gaul presented the draft agreement for the BabyPLUS service of the non-profit

organisation "Initiativ Liewensufank". This is a service where professional staff visit families during pregnancy and up to the age of 1 year of the baby, to advise and support the young parents in case of need.

## **Gemengerotssëtzung vum 2. Mäerz 2022 / Séance du conseil communal du 2 mars 2022 / Meeting of the municipal council on 2 March 2022**

**LU |** Déi wichtegst Punkten um Ordre du Jour vun der leschter Gemengerotssëtzung:

### **Solidaritéit mat der Ukrain**

Fir unzefänken huet de Gemengerot op Ureegung vum Conseiller Marc Fischer eng Gedenkminutt age-luecht fir sämtlech Affer, déi de Krich an der Ukrain scho gefuerdert huet.

De Gemengerot beschléisst eng Direkthëllef vun 20.000 € ze spenden, opgedeelt op zwou humanitär Organisatiounen, déi Projeten an der Ukrain vu Lëtzebuerg aus geréieren. Ausserdeem ass och d'Gemengegebai an de Faarwe blo/giel beliicht, fir eis Solidaritéit mat der Ukrain ze weisen.

Mir halen lech via déi sozial Netzwierker um Lafenden iwwert weider Hëllefsmoosnamen, déi vun der Gemeng organiséiert ginn.

### **Approbatoun vun engem Devis betreffend de synthetesch Fussballterrain**

Den Devis vun 760.000 € fir d'Installatioun vun engem neie synthetesch Teppech (ouni Granulat) fir de Fussballterrain gouf vum Gemengerot eestëmmeg uegholl.

**FR |** *Les sujets les plus importants sur l'ordre du jour de cette séance du conseil communal étaient :*

### **Solidarité avec l'Ukraine**

*Pour commencer, sur proposition du conseiller Marc Fischer, les membres du conseil communal gardent un moment de commémoration pour les morts de la guerre en Ukraine.*

*Le conseil communal décide de libérer 20.000 € pour une aide directe, répartie sur deux organisations luxembourgeoises, gérant des projets humanitaires en Ukraine. D'autre part la façade de la mairie est illuminée dans les couleurs bleu/jaune pour témoigner notre solidarité avec l'Ukraine.*

*Vous serez informés par le biais des réseaux sociaux sur d'autres aides qui seront organisées par la commune.*

### **Approbation d'un devis estimatif relatif au terrain de football synthétique**

*Un devis estimatif de 760.000 € pour l'installation d'un nouveau tapis synthétique (sans granulé) pour le terrain de football est approuvé à l'unanimité par les membres du conseil communal.*

**EN |** The most important topics on the agenda of the last municipal council meeting:

### **Solidarity with Ukraine**

To begin with, following a suggestion by councillor Marc Fischer, the members of the municipal council keep a moment of remembrance for the dead in the war in Ukraine.

The municipal council decides to release €20,000 for direct aid, distributed over two Luxembourgish organizations, managing humanitarian projects in Ukraine. On the other hand, the facade of the town hall is illuminated in the colours blue and yellow to show our solidarity with Ukraine.

You will be informed about other aid measures that will be organized by the municipality through social media.

### **Approval of an estimate for the synthetic football pitch**

An estimate of €760,000 for the installation of a new synthetic turf (without granules) for the football pitch is unanimously approved by the members of the municipal council.

# VIE SOCIALE





# RÉCKBLÉCK

Exposition  
11 Secondes  
de la Fondation  
Follereau  
04.02-  
18.03.2022



Liichtmëssdag  
02.02.2022





Buergbrennen  
06.03.2022





Théâtre  
interactif  
sur le thème  
de la violence  
domestique  
08.03.2022



1 Lea Hackenberg, Laurence Bouquet (Riicht Eras), Olga Strasser (SAVVD), Isabelle Schroeder (Equipe Égalité dans la société de MEGA), Betty Welter-Gaul (échevin)

2 Isabelle Schroeder (Equipe Égalité dans la société de MEGA)

3 Kristin Schmit, Sam Ney (Police), Spencer Kirpach (Equipe Communes du Ministère de l'Égalité entre les femmes et les hommes (MEGA), Christophe Cardoso (PSYea)

4 Lea Hackenberg, Laurence Bouquet (Riicht Eras)



La répartition  
des rôles dans  
une famille,  
au Mali et au  
Luxembourg  
09.03.2022



Faire Kaffi  
13.03.2022





Makadammen  
14.03.2022





## Stroossen engagéiert sech fir d'Ukrain

*Strassen s'engage pour soutenir l'Ukraine*

*Strassen committed to support Ukraine*



**14 Ukrainer:inne si mam Minibus vun der Gemeng zu Stroossen ukomm / 14 réfugiés ukrainiens sont arrivés avec le minibus de la commune à Strassen / 14 Ukrainian refugees arrived with the minibus of the municipality in Strassen**

**LU** | De 4. Mäerz ass eng Initiativ vu private Leit mam Minibus vun der Gemeng Stroossen a Richtung Ukrain gefuer, vollgeluede mat Medikamenter, Powerbanks, Schlofsäck, Batterien asw.

E Méinden de Moien, sinn si nees sécher zu Stroossen ukomm, mat 14 Ukrainer:innen déi bei Familljen zu Stroossen, zu Mamer an zu Leideleng ënnerbruecht gi sinn.

**FR** | *Le 4 mars, des bénévoles privés ont pris la route avec le minibus de la commune de Strassen en direction de l'Ukraine, chargé de médicaments, de batteries externes (power banks), de sacs de couchage, de piles, etc.*

*Lundi matin, ils sont retournés, sain et sauf, à Strassen, avec 14 réfugié(e)s ukrainien(ne)s qui ont été accueilli(e)s par des familles de Strassen, Mamer et Leudelange.*

**EN** | On 4 March, private volunteers drove with the minibus of the municipality towards Ukraine, fully loaded with medicine, power banks, sleeping bags, batteries, etc.

On Monday morning, they arrived safely in Strassen, with 14 Ukrainian refugees who have been taken in by families in Strassen, Mamer and Leudelange.





**Ukrainescht Haus Stroossen - e Centre de rencontre fir ukrainesch Flüchtlingen / La Maison ukrainienne de Strassen - un centre de rencontre pour les réfugiés ukrainiens / Ukrainian House of Strassen - a meeting centre for Ukrainian refugees**

**LU** | Den 10. Mäerz 2022 huet a Präsenz vum Här Ausseminister Jean Asselborn a vum Stroossener Gemengerot, d'Ukrainescht Haus seng Dieren opgemaach.

**D'Ukrainescht Haus Stroossen** ass eng Initiativ vun der Gemeng Stroossen, fir de geflüchten Ukrainer:innen eng Plaz ze bidden, wou si sech kënnen austauschen, zesumme kënnen Zäit verbréngen an, wa si wëllen, un Aktivitéiten deelhuefen. Fir Kanner a Jugendlecher sinn och Aktivitéite virgesinn (Spiller, Spillsaachen, e Gaart fir ze spillen an Ausflich).

Den Accueil am ukraineschen Haus gëtt assuréiert vun der Gemeng mat hirem Service de l'Intégration an dem Service de Jeunesse. Fir d'Sproochebarriären ze reduzéieren, gi si vun ukrainesche Matbierger, déi säit Joren zu Stroossen wunnen, ënnerstëtzt.

Zu Stroossen goufe bis elo iwwer 100 ukrainesch Flüchtlingen opgeholl, déi bei private Familljen oder an Hoteller um Territoire vun der Gemeng ënnerkomm sinn .

**Öffnungszäiten:** All Dag op vu méindes bis sonndes vun 13:30 bis 17:00

**FR** | Le 10 mars 2022, en présence du Ministre des Affaires étrangères Jean Asselborn et du Conseil communal de Strassen, la Maison ukrainienne a ouvert ses portes.

La **Maison ukrainienne de Strassen** est une initiative de la commune de Strassen visant à offrir aux réfugiés un lieu de rencontre où ils peuvent s'échanger, passer du temps ensemble et, s'ils le souhaitent, participer à des activités. Pour les enfants et les adolescents, des activités sont également prévues (jeux, jouets, jardin pour jouer et excursions).

L'accueil dans la Maison ukrainienne est assuré par la commune, avec son service de l'intégration et son service jeunesse. Afin de réduire la barrière linguistique, ils sont assistés par des résidents ukrainiens qui vivent à Strassen depuis de nombreuses années.

Jusqu'à présent, la commune de Strassen a accueilli plus de 100 réfugiés ukrainiens, qui sont hébergés par des familles ou dans des hôtels sur le territoire de la commune.

**Horaires d'ouverture :** Tous les jours, du lundi au dimanche, de 13h30 à 17h00.

**EN** | On 10 March 2022, in the presence of the Minister of Foreign Affairs Jean Asselborn and the Strassen municipal council, the Ukrainian House opened its doors.

The **Ukrainian House of Strassen** is an initiative of the municipality of Strassen to provide refugees with a place where they can talk, spend time together and, if they wish, participate in activities. For children and adolescents, there are also activities that have been planned (games, toys, a garden to play in and excursions).

The support in the Ukrainian House is taken care of by the municipality, together with its integration service and youth service. In order to reduce the language barrier, they are assisted by Ukrainian citizens who have been living in Strassen for many years.

Up to now, 100 Ukrainian refugees, who have been taken in privately by families or have been accommodated in hotels in the municipality, have settled in Strassen.

**Opening times:** Every day, Monday to Sunday from 13:30 until 17:00



**Ukrainescht Haus Stroossen**

48, rue des Romains

L-8041 Strassen



**Scheckiwerrrechnung fir Hëlleforganisatiounen ze ënnerstëtzen / Remise de chèques pour soutenir des organisations d'aide / Presentation of cheques to support aid organisations**

**LU |** E Mëttwoch den 9. Mäerz huet d'Gemeng Stroossen véier Schecken u verschidden Hëlleforganisatiounen iwwerreicht, fir Projeten an der Ukrain ze ënnerstëtzen. Déi véier Organisatioune krute jeeweils e Scheck am Wäert vu 6 000 €: Croix-rouge luxembourgeoise, Caritas Luxembourg, CARE Luxembourg, Médecins sans frontières Luxembourg

D'Stroossener Veräiner bewisen och Solidaritéit a spenden den Erléis vum Buergebrennen un d'Rout Kräiz Lëtzebuerg : Elterevereenegung, Fanfare Stroossen, FC UNA, Guillaume Tell, Karate Club Stroossen, Kiewerleken Stroossen, Nihon Tai-Jitsu Club Strassen, RCTMC, Volleyball Club Stroossen.

De Volleyball Club Stroossen huet en zousätzlechen Don vu 6 000€ un d'Croix-rouge luxembourgeoise gemaach.

**Den 3. Abrëll fënnt d'Marche pour la paix "Stroossen wibbelt fir d'Ukrain"** statt, organiséiert vum Lafclub No Speed Limit Stroossen (NSL). **Depart ass um 10:00 Auer bei der Gemeng Stroossen, am Parc Riedgen a bei der Karatehal.** D'Arrivée ass allkéiers beim Fräiheitsbam.

**FR |** Le mercredi 9 mars, la commune de Strassen a remis quatre chèques à diverses organisations humanitaires afin de soutenir des projets en Ukraine. Les quatre organisations ont reçu chacune un chèque d'une valeur de 6.000 € : Croix-Rouge luxembourgeoise, Caritas Luxembourg, CARE Luxembourg, Médecins sans frontières Luxembourg.

Les associations de Strassen ont également fait preuve de solidarité et ont donné les recettes du « Buergebrennen » à la Croix-Rouge luxembourgeoise : Association des parents d'élèves, Fanfare Strassen, FC UNA, Guillaume Tell, Karate Club Strassen, Kiewerlecken Strassen, Nihon Tai-Jitsu Club Strassen, RCTMC, Volleyball Club Strassen.

Le Volleyball Club Strassen a fait un don supplémentaire de 6.000€ à la Croix Rouge luxembourgeoise.

**Le 3 avril, la marche pour la paix « Stroossen wibbelt fir d'Ukrain »,** organisée par le club de course No Speed Limit Strassen (NSL), aura lieu. **Le départ est prévu à 10:00 heures à la mairie de Strassen, au Parc Riedgen et au Hall de Karaté.** L'arrivée se trouve à chaque fois au Fräiheitsbam.

**EN |** On Wednesday, 9 March, the municipality of Strassen handed over four checks to various humanitarian aid organizations to support projects in Ukraine. The four organizations each received a check worth 6,000 €: Red Cross Luxembourg, Caritas Luxembourg, CARE Luxembourg, Doctors Without Borders Luxembourg

The local associations in Strassen have also shown their solidarity and donated the proceeds from the castle burning to the Red Cross Luxembourg: Parents' Association, Fanfare Strassen, FC UNA, Guillaume Tell, Karate Club Strassen, Kiewerlecken Strassen, Nihon Tai-Jitsu Club Strassen, RCTMC, Volleyball Club Strassen.

The Volleyball Club Strassen has made an additional donation of 6,000€ to the Red Cross Luxembourg.

**On 3 April, the peace march "Stroossen wibbelt fir d'Ukrain",** organised by the running club No Speed Limit Strassen (NSL), will take place. **Departure is at 10:00 a.m. at the town hall in Strassen, at the Parc Riedgen and at the Karatehall.** The finish line is at the Fräiheitsbam each time.



## D’Gemeng stellt sech vir – MIR si fir IECH do La commune se présente – NOUS sommes à VOTRE service The municipality presents itself – WE are at YOUR service

 20.04.2022

 19:00 - 21:00

 Centre Culturel  
Paul Barblé

**LU |** De Schäfferot vun der Gemeng Stroossen invitéiert all d’Stroosener Bierger:innen häerzlech op en Informatiounsowend fir lech eis Gemengeservicer, Aktivitéiten a Projete virzestellen, esou wéi och déi lokal Veräiner.

### Programm:

- Begréissung vum Buergermeeschter, M. Nico Pundel
- Foire mat Informatiounsstänn vun de Gemengeservicer an de lokale Veräiner
- Austausch bei engem Frëndschaftspatt

**FR |** Le Collège des Bourgmestre et Échevins de la commune de Strassen a le grand plaisir d’inviter tous les résident(e)s de Strassen à une soirée d’information pour présenter nos services communaux, nos activités et nos projets ainsi que les différentes associations locales.

### Programme :

- *Allocution de bienvenue du bourgmestre M. Nico Pundel*
- *Foire avec stands des différents services communaux et des associations locales*
- *Discussion libre suivie d’un verre de l’amitié*

**EN |** The College of the Mayor and Aldermen kindly invites all citizens of Strassen to an information evening in order to present our municipal services, activities and projects as well as our various local associations.

### Programme:

- Welcome speech of the Mayor Mr. Nico Pundel
- Exhibition stands of the municipal services and the local associations
- Free Discussion followed by drinks





## Sech géigesäiteg hëllef an ënnerstëtzen zu Stroossen

*Entraide et soutien mutuel à Strassen*

*Helping and supporting each other in Strassen*

**LU** | D'Famill Sharma-Ninove wunnt säit 2017 zu Stroossen. Si fillt sech hei sécher an zefridden an ass frou en Deel vun där multikultureller Communautéit ze sinn. De 16. Dezember sollt si awer e grousst Ongléck befallen. Hiert Appartement stoung op eemol a Flamen. Während de Verkéier op der Areler Strooss zum Stëllstand komm ass, hunn d'Pompjeeën alles dofir gemaach, fir d'Feier ënner Kontroll ze bréngen an d'Awunner vum Gebai ze evakuéieren. Zum Gléck ass keng Persoun zu Schued komm.

Fir d'Famill Sharma-Ninove war et eng schwéier Zäit: „Mir hunn eis missen domat offannen, dass net nëmme eist Appartement, eist Doheem, mee och all eise Besëtzer net méi do war.“ Dobäi ass och nach hir léif Kaz Laila verluer gaangen. All hir Méi fir si am Chaos vum Feier ze

fannen waren ëmssoss, an d'Famill huet schonn dat Schlëmmst gemaach. Hire Noper, selwer Besëtzer vun zwou Kazen, huet bei der Sich nom Laila, alias Momo gehollef, mee hat leider och kee Gléck. D'Kaz war néierens ze fannen.

No engem Telefonat mat der Gemeng, huet d'Famill Sharma-Ninove de Buergermeeschter getraff, deen hinnen all Hëllef zougesprach huet. Ausserdeem konnt nach eng accompagnéiert Visitt vum Appartement arrangéiert ginn, fir eng leschte Kéier no der Kaz ze sichen. Déi besuergte Famill hat Gléck am Ongléck: d'Laila hat iwuerlieft. D'Kaz hat sech verstoppt, mee war schwach an a stoung ënner Schock.

No engem Besuch beim Déieren-dokter konnt d'Hausdéier sech nees

erkréien an no knapps 48 Stonnen ass si erëm wéi fréier ronderëm gesprongen an huet mat hirer Famill geschmuust.

„Mir sinn dankbar, net nëmme dofir dass d'Laila konnt gerett ginn, mee och fir d'Ënnerstëtzung, déi mir an dëser schwéierer Zäit vun der Gemeng kruten. Mir si frou kënnen eis Dankbarkeet auszedrécken, och vis-à-vis vum Buergermeeschter, deen dofir gesuergt huet, dass mir eis trotz allem nach ëmmer sécher, wuel an zefridden zu Stroossen fillen.“

**FR** | *La famille Sharma-Ninove vit à Strassen depuis 2017. Elle s'y sent bien et en sécurité, heureuse de faire partie de sa communauté diversifiée. Mais un grand malheur s'est abattu sur les membres de la famille le 16 décembre, lorsque leur*

*appartement a subitement pris feu. Alors que la circulation sur la route d'Arlon était paralysée, les pompiers ont tout mis en œuvre pour maîtriser l'incendie et évacuer tous les occupants de l'immeuble. Par chance, on ne déplorait aucun blessé.*

*Ce fut un moment éprouvant pour la famille Sharma-Ninove : « Nous avons dû accepter la perte de notre appartement, de notre domicile, mais aussi de tous nos biens. » Sans compter la disparition de Laila, leur chat bien-aimé. Dans le chaos de l'incendie, tous leurs efforts pour retrouver leur compagnon se sont avérés vains. La famille s'attendait au pire. Leur voisin, qui possédait aussi deux chats, les a aidés à chercher Laila, alias Momo, mais la chance n'était pas de leur côté et le chat demeurait introuvable.*

*Après avoir discuté par téléphone avec la commune, la famille a rencontré le bourgmestre. Celui-ci promet de mobiliser toutes les aides possibles. Une visite accompagnée de l'appartement détruit fut organisée pour chercher une dernière fois le chat disparu. Heureusement, cette fois, la famille a eu un peu de chance dans son malheur : Laila était vivante. Le chat s'était caché pendant l'incendie et avait survécu, mais il était faible et en état de choc.*

*Le petit animal commença à reprendre des forces après un examen vétérinaire. À peine deux jours plus tard, la petite Laila recommença à jouer, à courir et à profiter des câlins de la famille.*

*« Nous sommes non seulement reconnaissants que notre Laila ait survécu, mais aussi pour le soutien de la commune pendant ces moments pénibles. Nous sommes heureux de pouvoir exprimer notre gratitude à toutes les personnes qui se sont impliquées et en particulier à monsieur le bourgmestre, qui a fait en sorte que, malgré ce malheur, nous nous sentions toujours en sécurité, à l'aise et heureux ici à Strassen. »*

**EN |** The Sharma-Ninove family has been living in Strassen since 2017. They feel safe and comfortable here and are happy to be part of its diverse community. On 16 December however, a great misfortune befell them. Their apartment suddenly went up in flames. While the traffic on the route d'Arlon came to a standstill, the firefighters did everything they could to bring the fire under control and evacuate all the occupants of the building. Fortunately, no person was injured in the fire.

For the Sharma-Ninove family, it was a difficult time: "We had to accept the fact that we had lost, not only our apartment, our home, but also

all our possessions." Furthermore, their beloved cat Laila was lost. All their efforts to find their little companion in the chaos of the fire were in vain and the family was expecting the worst. Their neighbour, himself owner of two cats, helped them look for Laila, alias Momo, but she too was out of luck. The cat was nowhere to be found.

After a telephone conversation with the municipality, the family met the mayor who promised all the help he could mobilize. Additionally, a visit of the destroyed apartment was arranged in order to look for the cat one last time. Fortunately, the family had some luck in all their misery: Laila was alive. The feline had hidden herself during the fire and survived, but was weak and in shock.

After a visit to the veterinarian, their loyal companion was able to regain its strength. Only two days later, little Laila could be seen running around, playing, and cuddling with the family.

"We are thankful, not only that Laila survived, but also for the support we received from the municipality during these difficult times. We are happy to be able to express our gratitude to everyone involved and especially the mayor, who made sure that despite this misfortune we still feel safe, comfortable and happy here in Strassen."

Famill / Famille / Family

**SHARMA-NINOVE**



## Marche gourmande

📅 15.05.2022

🕒 10:30 - 17:30

📍 Bäum Fräiheitsbam

**LU** | D'Commission de l'Intégration invitéiert op eng Marche gourmande, eng originell Aktivitéit fir zesummen an der Famill oder ënner Kollegen a Kollegeinnen deelzehuelen. D'lesse gëtt vu verschiddene Bierger:innen a Communautéiten, déi zu Stroossen wunnen, préparéiert.

### Praktesch Informatiounen:

- Parcours vun 9km
- Depart ass all 15 Minutten tëschent 10:30 an 13:00 Auer.
- De leschten Dessert gëtt um 17:30 Auer zerwéiert.
- D'Plaze si limitéiert. Gruppe kënnen maximal 15 Persounen grouss sinn.
- Präis pro Persoun:  
Erwuessener: 25€\*  
Kanner ënner 15 Joer: gratis
- Hënn un der Lénkt si wëllkomm.  
D'Weeër si gutt markéiert.

\* D'Marche gourmande ass fir e gudden Zweck

**FR** | La commission de l'intégration vous invite à la marche gourmande, une activité originale à faire en famille ou entre ami(e)s. Les plats sont préparés par différent(e)s citoyen(ne)s et communautés vivants à Strassen. Venez nous rejoindre sur un parcours d'environ 9 km avec plusieurs pauses gourmandes.

### Infos pratiques :

- Départs toutes les 15 minutes de 10h30 à 13h00.
- Le dernier dessert sera servi à 17h30.
- Places limitées, groupes de maximum 15 personnes
- Prix par personne :  
Adultes : 25€\*  
Enfants de moins de 15 ans :  
gratuit
- Chiens en laisse sont admis.  
Les chemins sont bien tracés.

\* Cette marche gourmande sera organisée pour la bonne cause

**EN** | The commission for integration invites you to a 'marche gourmande' (gourmet walk), an original activity you can do together with your family or friends. The food will be prepared by various people and communities living in Strassen.

### Practical information:

- Walk of 9 km
- Departure is every 15 minutes from 10:30 am until 1:00 pm.
- The last dessert will be served at 5:30 pm.
- The places are limited. Groups can contain a maximum of 15 people.
- Price per person:  
Adults: 25€\*  
Kids under 15: free
- Leashed dogs are welcome.  
The route is well marked.

\* This gourmet walk will be organised for a good cause.

Obligatoresch Reservatioun bis den / Réservation obligatoire avant le / Mandatory reservation until:

**30.04.2022** ✉ [luiza.sosna@strassen.lu](mailto:luiza.sosna@strassen.lu)

(Unzuel vun de Leit, Erwuessener oder Kanner, Telefonsnummer, Zäit vum Depart / Nombre de personnes – adultes et enfants, numéro de téléphone, l'heure de départ / Number of people, adults or children, phone number, time of departure)

Virement / Bank transfer: **BCEE: LU59 0019 1001 0291 9000**

D'Bezuele gëllt als Reservatioun. Et gëtt kee Remboursement. / Paiement vaut réservation. Aucun remboursement ne sera effectué. / Payment is regarded as reservation. No refunds.

Organisation : Commune de Strassen & Commission de l'intégration



## Écrivain public / Public Writer / Öffentliche Schreibstelle

**FR** | Vous avez du mal à comprendre ou/ et à rédiger des courriers administratifs? Vous n'arrivez pas à écrire une lettre de motivation ou un curriculum vitae? Vous avez besoin d'aide pour remplir un formulaire?

Nos écrivains publics se feront un plaisir de vous aider dans les domaines suivants :

- Rédiger différents types de courriers, notamment des CV et des lettres de motivation ;
- Expliquer et remplir des formulaires administratifs ;
- Vous assister lors de vos démarches administratives.

Les écrivains publics offrent leurs services bénévolement et ne sont pas employés par la commune.

Ce service est confidentiel, gratuit et offert en luxembourgeois, en français, en anglais, en espagnol, ainsi que dans d'autres langues sur demande. Les courriers, formulaires et autres correspondances seront rédigés en allemand, en français ou en anglais.

**EN** | Do you have difficulties understanding and/or writing administrative letters? Do you encounter problems writing a cover letter or a curriculum vitae? Do you need help filling in a form?

Our public writers are happy to help you and can support you with:

- Drafting various types of letters, including CVs and cover letters
- Explaining and filling in administrative forms
- Assisting with administrative procedures

The public writers offer their services on a voluntary basis and they are not employed by the municipality.

The service is confidential, free of charge and offered in Luxembourgish, French, English, Spanish and on request, in other languages. The letters, forms and other correspondence will be written in German, French or English.

**DE** | Haben Sie Schwierigkeiten beim Verstehen und/oder Verfassen von Verwaltungsschreiben? Haben Sie Probleme, ein Anschreiben oder einen Lebenslauf zu verfassen? Brauchen Sie Hilfe beim Ausfüllen eines Formulars?

Bei unserer öffentlichen Schreibstelle hilft man Ihnen sehr gerne. Wir können Ihnen Folgendes anbieten:

- Verfassen verschiedener Arten von Briefen, einschließlich Lebensläufe und Anschreiben
- Erklärung und Ausfüllen von Formularen
- Hilfestellung bei Verwaltungsverfahren

Die öffentlichen Schreiber\*innen bieten Ihre Dienste ehrenamtlich an und sind nicht bei der Gemeinde angestellt.

Dieser Dienst ist vertraulich, kostenlos und wird angeboten in Luxemburgisch, Französisch, Englisch, Spanisch und auf Nachfrage auch in anderen Sprachen. Briefe, Formulare und andere Korrespondenzen werden auf Deutsch, Französisch und Englisch verfasst bzw. ausgefüllt.



**Monica Vergara**  
Écrivain public



**Pascale Waringo**  
Écrivain public



### Heures d'ouverture / Office hours / Öffnungszeiten:

Les mercredis (sauf pendant les vacances scolaires) uniquement sur rendez-vous /

Wednesdays (except during school holidays) by appointment only /

Mittwochs (außer während der Schulferien) nur nach Terminvereinbarung  
9:00 – 11:00 & 15:30 – 17:30



### Mairie de Strassen / Town hall of Strassen / Rathaus Strassen

1, place Grande-Duchesse Charlotte, L- 8041 Strassen



+ 352 31 02 62 - 1



ecrivainpublic@strassen.lu



## Club Senior

### Kaffi a Croissant

📅 Fr / Ve 29.04.2022,  
20.05.2022, 17.06.2022

🕒 09:00 - 11:00

📍 Club Senior Stroossen

**LU** | De Club Senior presentéiert lech de neien Event Kaffi & Croissant, deen eemol am Mount stattfënnt. Verbréngt e Moien a gudder Gesellschaft mat enger Taass Kaffi en engem frësche Croissant. Hei hutt Dir d'Méiglechkeet d'Mataarbechter vum Club Senior an nei Leit kennenzéieren. Oppen a frëndlech Ënnerhalunge si wëllkomm.

**FR** | *Le Club Senior vous présente le nouveau rendez-vous mensuel Kaffi & Croissant. Passez une matinée en bonne compagnie avec une tasse de café et un croissant frais. Ici, vous avez la possibilité de faire connaissance avec les collaboratrices du Club Senior et de rencontrer de nouvelles personnes. Des conversations ouvertes et sympathiques sont souhaitées.*

**EN** | The Club Senior presents the new monthly Kaffi & Croissant event. Spend a morning in good company with a cup of coffee and a fresh croissant. Here you have the opportunity to get to know the staff of the Club Senior and to meet new people. Open and friendly conversations are welcome.

**Preis / Prix: 6 €**

**Anmeldung: bis Vortag / Délai d'inscription : le jour précédent / Registration: until the previous day**





**Jean Claude Roob**  
**Schäffen / Échevin / Alderman**  
Ressort du 3<sup>e</sup> âge

Vie sociale - Eis Gemeng - **25**



## Mëttesdësch

**12.04.2022**

**Menu :**

Potage

Lasagne avec une salade mixte

Panna cotta avec sauce aux fruits rouges

Délai d'inscription : 07.04.2022

**26.04.2022**

**Menu :**

Potage

Bouchée à la reine + riz + salade

Crème vanille

Délai d'inscription : 21.04.2022

**10.05.2022**

**Menu :**

Potage

Émincé de veau à la zurichoise


avec spätzles et carottes

Tarte de rhubarbe


Délai d'inscription : 05.05.2022

 **12:00 - 14:00**

 **Grande Salle Centre  
Culturel Paul Barblé**

 **Prix par personne :  
15 € (à payer sur place)**

**Réservation obligatoire pour le Mëttesdësch :**

 31 02 62 - 407

 clubsenior@strassen.lu



CovidCheck Event

  
**Club Senior**  
Stroossen



## Quartiersfest / Fête de quartier / Neighbourhood Event

**LU |** Wëllt Dir Är Nopere besser kenne-léieren, eng Traditioun aféieren oder bäibehalen, andeems dir en Nopeschfest organiséiert?

Vun dësem Joer un, stellt d'Gemeng Stroossen lech Material (Dëscher, Bänken, Frigoen a Poubellen) zur Verfügung fir d'Organisatioun vun Ärem Quartiersfest ze vereinfachen.

D'Material kënt Dir vum 1. Mee bis den 30. September mat Hëllef vum Formulaire, deen Dir op eiser Internetsäit [www.strassen.lu](http://www.strassen.lu) an op der Säit 69 an dësem Magazin fannt, ausléinen.

D'Quartiersfester dierfen nëmmen ënnert dem Respekt vun de sanitäre Mesure stattfannen, déi dee Moment a Kraaft sinn. D'Gemeng Stroossen trëtt all Responsabilitéit of an appelléiert un d'Eegeverantwortung vun de Bierger, wat de Kaméidi, d'Botzen an d'Zesummeliewe fir eng gutt Noperschaft ugeet.

**FR |** *Vous souhaitez faire connaissance avec vos voisins, instaurer ou poursuivre une tradition en organisant une fête de quartier ?*

*À partir de cette année, la commune de Strassen met à votre disposition toutes sortes de matériel (tables, bancs, réfrigérateurs et poubelles) pour faciliter l'organisation de votre fête de quartier.*

*Vous pouvez emprunter ce matériel entre le 1<sup>er</sup> mai et le 30 septembre, à condition de remplir un formulaire que vous trouverez sur notre site internet [www.strassen.lu](http://www.strassen.lu) et à la page 69 de ce magazine.*

*Toute fête de quartier ne peut avoir lieu que dans le respect des mesures sanitaires en vigueur à ce moment-là. La commune décline toute responsabilité et fait appel à la responsabilité personnelle de ses citoyens en matière de bruit, d'assainissement et de bon voisinage.*

**EN |** Do you want to get to know your neighbours, introduce or continue a tradition by organising a neighbourhood event?

Starting this year, the municipality of Strassen puts all kinds of equipment (tables, benches, refrigerators, and bins) at your disposal to facilitate the organisation of your neighbourhood event.

You can borrow the equipment between 1 May and 30 September, provided you fill out a form that you can find on our website [www.strassen.lu](http://www.strassen.lu) and on page 69 in this magazine.

Any neighbourhood event may only take place in respect of the sanitary measures in place at that time. The municipality rejects all responsibility and calls on the personal responsibility of its citizens in regards to noise, cleaning up and good neighbourhood.



Scannt de QR Code mat Ärem Smartphone  
Veuillez scanner le code QR avec votre smartphone  
Scan the QR code with your smartphone



## Mois du Don

### LU | Am Abrëll 2022 ass den "Mois du Don": Hëlleft eis ze hëllefen!

Vum 1. bis den 30. Abrëll 2022 ass de Spendemount (Mois du Don), den traditionell aktivste Mount a punkto Spendesammlung fir d'Lëtzebuerger Rout Kräiz. D'Benevole vun der lokaler Sektioon Stroossen mobiliséiere sech, fir hir Noperen ze bieden Solidaritéit mat deenen ze weisen, déi am vulnerabelste sinn an hir Liewensëmstänn ze verbesseren. Sait zwee Joer ass jidderengem säi Liewen duerch d'Covid-19 Pandemie op d'Kopp gehäit, wat nach weider prekär Situatiounen an eiser Gesellschaft schafft.

Doriwwer eraus, maachen déi jéngst Evenementer an den internationalen Noriichten eis méi wéi jee bewosst, wéi wichteg humanitär Hëllef a Krisenzäiten ass.

All Don zielt, egal wéi kleng oder grouss en ass.

Wéi kënnt Dir d'Rout Kräiz während dem Spendemount ënnerstëtzen? Dir hutt verschidde Méiglechkeeten är Solidaritéit mat engem Don während dem Spendemount ze weisen:

- Per Virement op de Kont vun der lokaler Sektioon Stroossen vum Roude Kräiz Lëtzebuerg BGL LU74 0030 3332 7618 0000 (Kommunikatioun : Mois du Don 2022);
- Per Virement op de Kont CCPL LU52 1111 0000 1111 0000 (Kommunikatioun : Mois du Don 2022);
- Mat Payconiq (fréier Digicash) iwwert d'Ziedelen a Flyeren, déi un d'Stëit verdeelt ginn;
- Per Telefon, andeems Dir den 2755 urufft;
- Iwwert de Site [www.moisdudon.lu](http://www.moisdudon.lu).

### Mir zielen op lech!

### FR | Avril, Mois du Don 2022 : Aidez-nous à aider !

